**Déclaration du Premier ministre Jean-Claude Juncker**
**suite au décès de Monsieur Pierre Werner, Ministre d'Etat honoraire**
**RTL Télé Lëtzebuerg, 24 juin 2002**

Gudden Owend!

Haut ass een Dag vun Trauer, vun evidenter Trauer vu jiddwerengem. Wéi den Éierestaatsminister Pierre Werner haut de Mëtteg um 1 Auer seng Aen zou gemaach huet, ass e Liewen op en Enn gaangen wat räich gefëllt war, wat voll, heinsdo iwwervoll war.

Mir wossten dass säi Gesondheetszoustand net gutt wier, mir wossten dat zanter laanger Zäit schonn. Mee lo wou d'Nouvelle vu sengem Doud gefall ass, kommen eis vill Biller an de Kapp: Erënnerungen u Momenter déi wichteg waren an der rezenter Geschicht vun eisem Land.

Wéi keen aneren huet de Pierre Werner an d'Landschaft vum Nokrichs-Lëtzebuerg gepasst an där hien matt zwee feste Féiss stoung. Keng Etapp vun der Nokrichszäit vun eisem Land ass virstellbar ouni säin Afloss. Heen huet op deene wesentleche Kräizunge vun eiser Geschicht, d'Richtung gewisen, d'Saachen déi entstaan sinn entworf, skulptéiert, geschnëtzelt, heiansdo bis an de läschten Detail.

Deen éischte Gedanken dee mer haut den Owend mussen hunn, ass ee Gedanke fir seng Fra, déi viru laanger Zäit scho gestuerwen ass an déi sou laang matt him duerch d'Liewe gaangen ass an där mer och vill verdanken. Mee awer och fir seng Famill, déi rondrëm e stoung an deenen läschte Joeren, an déi och bei em war a senge läschte Momenter. Si verdanken him vill, an hie verdankt hier och Munches.

Mee mir als Lëtzebuerger – als Lëtzebuerger an als Leit déi hei am Land liewen – wieren haut net dat wat mer sinn, wann de Pierre Werner net déi Hand matt ugepaakt hätt déi en hat. Déi roueg Hand, déi sëcher gefouert huet, dee kloere Bléck, dee wäit iwwert den Tellerrand eraus gesinn huet.

Schonn an de 50er Joeren huet en als Finanzminister, duerno als Staatsminister, Wiesentleches zum Wuessen an zum Ginn vun eisem Land bäigedroën. Stëchwierder: Bankeplaz, Satellit, Abannen un Europa, d'Rettung vun der Sidérurgie sin nëmmen Deelelementer a sengem räiche Liewenswierk. En hat d'Lëtzebuerger gär, en huet se verstanen, en huet en et ganz oft net liicht gemat, well en et sech an hinnen net einfach gemaat huet. Mee d'Leit hu verstan, do schwetzt een, an do ass een um Wierk, deen dat wat e mecht mecht, well en dorunner gleeft, well en d'fest Iwwerzeegung huet, datt et eng Plaz fir d'Lëtzebuerger Land an Europa gëtt an datt déi Plaz muss all Daag festgemach ginn.

Deen Trauer dee mer haut hunn, déi Trauregkeet och déi déi hunn déi him politesch, net nëmmen parteipolitesch, nostoungen, ass eng Trauer déi gedeelt gët vu ville Leit an Europa – an deem Europa an deem e bekannt gi war als ee Mann deen net nëmme grouss Ambitioune fir säi Land haat, mee ganz grouss Ambitioune fir den europäesche Kontinent.

Zu Recht ass am Januar vun dësem Joer ëmmer erëm, bei sou ville Gelegenheeten, drop opmierksam gemaach ginn, datt hien, deen ee vun de Päpp vum Euro a vun der europäescher Währungsunioun ass, zu den Haaptarchitekten vun der europäescher Nokrichs-Geschicht zielt. Déi europäesch Währungsunioun, dei huet en net nëmme gemaach well en währungs-, wirtschafts- a finanzpolitesch un d'Noutwennegkeet vun där selwechter gegleeft huet, mee well en deen Draam hat - och als een deen aus der Krichsgeneratioun staamt - datt Europa misst esou gemaach ginn, iwwert den Euro beispillsweis, datt dat Schlëmmt wat an eisem Kontinent zweemol am läschten Jorhonnert sou schrecklech zougeschloen huet, sech net méi géif reproduzéieren.

Hien ass e Stéck Lëtzebuerg, hien ass och e ganz wäertvollt Stéck Europa. Europa wier haut aanescht, wann net de Pierre Werner duerch daat Europa marschéiert wier, matt dem séiere feste Gank, dee säin war, matt denen Aen déi no vir gekuckt hunn a matt deem Versteesdemëch, net nëmme fir d'Mënschen heiheem, mee och fir d'Leit an deenen aneren europäesche Länner.

Mir Lëtzebuerger denken un een, deem mer ganz Villes verdanken, méi wéi mer wëssen. An d'Europäer denken un een, dee laang virun aneren, d'Saache richteg gesinn huet an deen – ech weess dat - d'Freed am Liewen hat ze gesinn, datt säi Plang, säin Dram, säin Entworf, vun der europäescher Wirtschafts- a Währungsunioun den 1. Januar opgaangen ass.

Mir vernäipen eis haut, an Dankbarkeet, virun engem grousse Lëtzebuerger, a virun engem groussen Europäer, deen e groussen Europäer war, well e vu Lëtzebuerg aus d'Welt betruecht huet a vill Lëtzebuergesches matt an seng Analysen afléisse gelooss huet.

Merci Här Werner, an au revoir.

--------------------------